N°695
Entrée le 10.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°695 vum 7. Mee 2024 vum éierewäerten Deputéierten Här Ben Polidori iwwert "Aide pour des travaux de désamiantage"**

**Wees de Ministère, wéi vill Haiser a Gebäier hei am Land nach mat Ethernite an aneren asbesthaltegen Materialie gedeckt sinn?**

Nee, dozou ginn et keng Informatiounen. Et gouf zu där Zäit an där den Eternit ee gängegt Baumaterial war och keng Obligatioun eng Verwaltung iwwert d'Verschaffen vun deem Produit ze informéieren oder dat an engem Dokument festzehalen.

An dësem Kontext erlaben ech dorop hinzeweisen, dass esou laang net um Eternit geschafft oder seng Struktur zerstéiert gëtt, och keen Asbest fräi gesat gëtt. Am Fall wou eng Sanéierung gemaach gëtt, mussen Eternit oder aner asbesthalteg Materialien als Offall natierlech iwwert déi korrekt Filière entsuergt ginn.

**Plangt de Ministère, Hëllefen ze proposéieren, fir Persounen, deenen hir Haiser oder Gebaier mat Eternit oder aner astbesthaltegen Materialer gedeckt sinn, fir si ze motivéieren, een neien Daach maachen ze loossen?**

**Plangt de Ministère, fir Persounen, an deenen hiren Haiser oder Gebaier asbesthalteg Produite verschafft goufen, finanziell Hëllefen am Kader vun enger Renovatioun an domat der Besäitegung vum Asbest ze proposéieren?**

Nee, dat ass net geplangt. Déi aktuell Subventiounsreglementer am Beräich vun der energetescher Sanéierung gesinn awer schonn attraktiv Konditiounen am Fall vun der Renovéierung vum Daach vir.

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit